



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 28 juillet 2021


Réf. : 839x88234

Concerne: Question parlementaire n° 4549 du 25 juin 2021 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n°4549 du 25 juin 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant "Rupture de stock du cannabis médical".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.



Paulette LENERT
Ministre de la Santé



Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4549 du 25 juin 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant "Rupture de stock du cannabis médical".

Wat hätt kéinte gemaach ginn, fir sou eng Situatioun ze vermeiden?

Virop ass z'ënnersträichen datt den medizineschen Cannabis en « stupéfiant » ass, wat bedeut, dat d'Importatioun strengen Regelen énnerläit an doduerch oft méi laang Délai'en an souguer Retarden bei den Bestellungen optrieden können. Fir Situatiounen vun Pénurie'n ze vermeiden war am Cahier des charges vum eichten Prestataire eng Dispositioun virgesinn ginn datt am Fall vun enger Rupture de stock, et och méiglech ass un aner Fournisseur'en erunzetryeden. Dëst ass och geschitt, mee och dës Fournisseur'en hunn eis just mat limitéierten Stocken kéinten beliwweren déi d'Besoins net all oofdecken.

Planqt d'Regierung an Zukunft méi Kontrakter mat zousätzleche Fournisseuren ze énnerzeechnen, fir esou Rupturen an Zukunft besser ze vermeiden?

D'Bestellung vum medezinesche Cannabis gëtt via eng europäesch Ausschreiwing gemaach. Den ausgewielte Prestataire däerf just een vun deenen Prestatairen sinn déi och un der Ausschreiwing Deel geholl hunn. Den aktuellen Cahier des charges gesäit allerdéngs fir, dass wann eng Rupture de Stock observéiert gëtt, den Ministère och bei aner Fournisseur kann goen, fir den medezineschen Cannabis ze bestellen. Dëst ass wéi gesoot och geschitt an déi disponibel Stocken wäerten an deenen nächsten Deeg ochun d'Spidolsapdikten können geliwwert ginn. Mee wéi schon erwähnt erlaaben dës Stocken et net d'Besoin'en alleguereten oozedecken. D'Besoin'en wäerten réicht können integral oofgedeckt ginn, wann viraussichtlech Ênn September d'Liwwerungen vun der Ausschriewung fir déi dës Woch den Marché gemeet ginn ass, ukommen wäerten.

An der Äntwert op d'parlementaresch Fro n°4282, huet d'Ministesch erklärt, dass:

"Fir e Liwwerenspass ze verhënneren, gouf Enn 2020 eng nei Ausschreiwing publizéiert fir nei Liwweranten ze fannen. Ênnert den agetraffenen Offere waren der e puer net zoulasseg a vun deenen zoulassegen Offeren huet keng mat de Critère vum Cahier des charges iwwerteneegestëmmt. Doropshi gouf eng nei Offer ausgeschriwwen, déi zur Zait awer nach ausgewaert gëtt. D'Méiglechkeet fir Produiten ausserhalb vun den Ausschreiwungen ze bestelle sinn a Bezug op de Budget an d'Disponibilitéit begrenzt."

Wéi vill Offere waren der Regierung am Kader vun dëser Ausschreiwing gemaach ginn?

D'Ausschreiwing déi Enn 2020 publizéiert gouf, war an 3 Lots ageudeelt:

- Lot 1 (fournitures de sommités fleuries séchées) : dofir sinn 3 Offere erakomm, wouvunner der 2 net zoulässeg waren;
- Lot 2 (fourniture d'extraits huileux) : dofir sinn 3 Offere erakomm, wouvunner der 2 net zoulässeg waren;
- Lot 3 (distribution aux lieux précisés par l'adjudicataire) : dofir ass keng Offer eran komm.



A wéi enge Punkten hunn déi zoulässeq Offeren net mat de d'Critère vu cahier des charges iwwerenee gestëmmt?

D' Conditions de participation technique wéi se am Cahier des charges définiert goufen, sinn zum Deel net erfëllt gewiecht an verschidden Dokumenter déi laut dem Cahier des charges exigéiert waren, waren net un der Offer ugehaangen.

D'Ministesch huet och 2020 erklärt dass eng nei Offer ausgeschriwwe gouf.

Wéini gëtt dës Ausschreiwing clôturéiert, falls se et nach net ass? Wéi vill Offere si bis elo am Kader vun dëser Ausschreiwing aqaaangen?

Eng nei Ausschreiwing gouf den 28 Abrëll 2021 publizéiert. Et war eng „Procédure européenne ouverte accélérée“. Den Datum vun der Remise war den 12 Mee 2021. Et ass eng eenzeg Offer erakomm. No der Analyse vun dëser Offer gouf en parallel den respektiven Budget beim Finanzministère ugefrot.

Kann de Gesondheetsministère een Zäitkader ginn, an deem dës nei Ausschreiwing clôturéiert an een neie Fournisseur engagéiert ka ginn?

D'Attribution vum Marché ass dës Woch gemeet ginn. Vu datt just eng Offer erakomm ass, brauch een keen Délai de Recours oofzewarden an d 'Bestellungen kënnen direkt gemeet ginn.